piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 22/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Groussregioun, Energie, Aussenugeleeënheeten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Ufanks Juni soll am Atomkraaftwierk Cattenom eng grouss Katastropheschutz- a Sécherheetsübung organiséiert ginn, wéi een am *Républicain Lorrain* vun haut liest. Laut den franséischen Autoritéite soll dobäi e fiktiven techneschen Accident simuléiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäerten och Lëtzebuergesch Autoritéiten un dëser Sécherheetsübung deelhuelen oder se observéieren?
2. Mat wéi enge franséiche Verwaltungen ass lëtzebuergesche Staat am regulären Kontakt betreffend Cattenom a wéi eng lëtzebuergesch Verwaltungen sinn hei impliziéiert?
3. Iwwert wéi vill technesch Incidenter am Atomkraaftwierk Cattenom, wéi zum Beispill Fuiten, goufen déi lëtzebuergesch Autoritéiten an de leschten zéng Joer informéiert?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés